# Zu der Kris am Fleegesecteur: Maacht endlech Neel mat Käpp!

Fir der Kris Meeschter ze ginn muss ee massiv gutt Fleegepersonal ausbilden, seet den Auteur

Als een, dee säit 1995 an der Ausbildung vun de Gesondheetsberuffer täteg ass, läit et mir um Häerz iwwer dëse Wee op den Artikel „Pflegekräfte am Limit und enttäuschte Reaktionen auf Ideen der Ministerin" ze reagéieren.

Bei engem Fakt schéngen d'Leit sech all eens ze sinn, an zwar, dass mir kuerzfristeg mat enger massiver Penurie u Gesondheetspersonal konfrontéiert ginn. Sou wäit, sou gutt. Ma soubal konkret Léisungsvirschléi op den Dësch kommen, déi souwuel vun der Regierung, wéi och vum Fleegesecteur ënnerstëtzt ginn, schloen all Associatiounen a Gewerkschaften direkt Alarm, well da keen et fäerdeg bréngt fir iwwer säin Tellerrand ze kucken, a jiddwereen fäert (a mengen Aen ouni Grond), dass ëm iergenden Zack aus der Kroun brécht.

An dëser Diskussioun ginn e puer wichteg Fakte systematesch entweder ignoréiert, oder esou duergestallt, dass et de Leit an hir jeeweileg Perspektiv passt.

D'Ausbildung vum Infirmier gëtt endlech säit der Rentrée 2024 (an net scho „säit e puer Joer", wéi et am Artikel steet) um Niveau vum Bachelor op der Uni.lu ugebueden. D'Vertrieder vun den Aide-soignants fuerderen, als eng méiglech Léisung fir dem Personalmangel entgéintzewierken, d'Schafung vu Passerelle-Méiglechkeeten zu der Ausbildung vum Infirmier. Dës Fuerderung ass a mengen Aen och ganz berechtegt, just schéngt hei ee Fakt komplett aus den Ae verluer ze goen: d'Ausbildung vum Aide-soignant féiert zu engem DAP-Diplom. Am Lëtzebuerger „Enseignement secondaire général" kënnt iwwer dem DAP den Niveau vum „Diplôme de technicien", dann den Niveau vum „Bac technique". Am Beräich vun den „Etudes supérieures" kënnt dann den Niveau vum „Brevet de technicien supérieur" an duerno den Niveau vum Bachelor. Eng Passerelle vum Aide-soignant op den Infirmier géif also heeschen einfach véier Niveauen z'iwwersprangen... dat ass, wéi wann dir eng Leeder wéilt eropklammen, an där véier Sprosse feelen.


Foto: Lex Kleren

D'Aféierung vun engem Fleegeberuff op enger Tëschestuf, z.B. um Niveau vum „Diplôme de technicien", wéi et vun der Madamm Deprez proposéiert gëtt, an och vum Terrain ënnerstëtzt gëtt, géif par contre esou eng Passerell net nëmmen erméiglechen, mee hätt och nach eng ganz Rei vu weidere Virdeeler, wéi z.B.: déi immens Unzuel un ënnerschiddleche Fleegeakten, déi et dagdeeglech am Flegesecteur auszeféiere gëllt, kéinte jee no hirer Komplexitéit an dem Verantwortungsgrad op d'Kompetenze vu propper ofgestuuften Niveaue vu Fleegekräfte verdeelt ginn.

Den Infirmier géif domat zu engem gudden Deel entlaascht ginn, fir sech op déi méi verantwortungsvoll an akademesch Aspekter vun dësem Beruff konzentréieren ze kënnen.

An, a mengen Aen de wichtegste Punkt, kéint een esou eng flott Beruffsperspektiv am Santés-Beräich fir eng extrem breet an divers Populatioun u jonke Leit schafen, fir déi de Moment tëscht dem Niveau vum DAP an dem Bachelor keng Méiglechkeet gebuede gëtt.

Wa mir de Problem vun der Penurie u Fleegepersonal wëllen an de Grëff kréien, da gëtt et just eng Léisung, an zwar fir massiv „manpower" auszebilden. Et geet net duer mat e bësse Geschwätz iwwer d'Valorisatioun vun de Fleegeberuffer an e bësse léift Laachen op healthcareers.lu. Loosst eis dach all emol iwwer eisen Tellerrand eraus kucken an endlech Neel mat Käpp maachen, well op gutt ausgebilte Fleegepersonal wäert jiddwereen vun eis frou sinn sech iergendwann a sengem Liewe verloossen ze kënnen.

Roland Muller, Howald

---

Dëst ass eng Reaktioun op den Artikel „Pflegekräfte am Limit und enttäuschte Reaktionen auf Ideen der Ministerin", deen de 14. Mee 2025 publizéiert gouf.